



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 6 mai 2021

Réf. : 838x2f318

Concerne: Question parlementaire n°4026 du 6 avril 2021 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n°4026 du 6 avril 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant « recommandations pour la vaccination de la "STIKO" ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé





Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n°4026 du 6 avril 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant « recommandations pour la vaccination de la "STIKO" ».

1. Sinn der Regierung déi genannte Recommandatioune bekannt? Wäert opgrond vun dëse Recommandatiounen eng Adaptatioun vun der lëtzebuergescher Impfstrategie virgeholl ginn?

Op Gronn vun den Erkenntnisser déi den honorabelen Deputéierte mentionéiert, huet de Conseil supérieur des maladies infectieuses sech an engem Avis vum 12. Abrëll dofir ausgeschwat datt den Impfstoff Vaxzevria soll weiderhin fir Leit iwwer 55 Joer verimpft ginn. Fir Leit vu manner wéi 30 Joer soll den Impfstoff wa méiglech net agesat ginn, egal ob dës Leit eng Vulnérabilitéit opweisen oder net. Bei Leit zwëschen 30 a 54 soll dësen Impfstoff och net agesat ginn, wa sie keng Vulnérabilitéit opweisen. Bei Leit zwëschen 30 a 54 Joer déi vulnérabel sinn, soll den Impfstoff awer kënnen agesat ginn, wa keen ARN-m Impfstoff disponibel ass, well d'Risiken déi dës Leit op Gronn vun hirer Vulnérabilitéit hunn, dem Risk vu Komplikatiounen wéinst der Impfung iwwerweihen.

D'Regierung huet décidéiert deene Leit zwëschen 30 a 54 Joer déi trotzdem mam Impfstoff Vaxzevria wëlle geimpft ginn, d'Méiglechkeet ze ginn dëst ze maachen an deem sie sech fir dësen Impfstoff aschreiwen.

2. D'Vertrauen an den Impfstoff huet och en Impakt op d'Impfbereitschaft. Wéi vill Persounen, déi e Rendezvous an engem Impfzenter haten oder op enger Lescht stoungen, fir an engem Spidol oder Alter- a Fleegeheim geimpft ze ginn, hunn sech, wéi se gewuer gi sinn, dass si just mam AstraZeneca-Impfstoff geimpft kéinte ginn, géint eng Impfung entscheet? Wéi vill Prozent vun de Persounen, déi insgesamt geimpft goufen/hätte kéinte geimpft ginn, entsprécht dat?

De Gesondheitsministère verweist op déi gemeinsam Äntwert vum Staatsminister a vun der Gesondheitsministesch op déi urgent parlamentaresch Fro 4106.

3. Wéi wäert d'Regierung op dat senkend Vertrauen an den AstraZeneca-Impfstoff reagéieren?

Och wann d'Regierung bis elo kee gréissere Vertrauensverloscht vun de Bierger vis-à-vis vum Impfstoff vun AstraZeneca feststelle konnt, investéiert si an eng proaktiv a cibléiert Informatiounscampagne vis-à-vis vun den Impfstoffer allgemeng. Wat den Impfstoff vun AstraZeneca betrëfft, huet Lëtzebuerg, konform zu de Recommandatioune vun der europäescher Medikamentenagence, grouse Wäert drop geluecht, am Detail zu verschiddenen Aspekter ze kommunizéieren. Esou goufen zum Beispill 2 Podcasten mat medezineschen Experten zu AstraZeneca diffuséiert. De 29. Abrëll huet och ee Lunchtalk erlaabt op d'Froen vum Grand Public zu Vektorimpfstoffen anzegoen an esou eventuellt Mësstrauen an ee Kontext ze setzen. E weidere Lunchtalk huet erlaabt op Froen diesbezüglich vum medezinesche Personal anzegoen. Dësweideren sinn 3 Newsletteren iwwer AstraZeneca un d'Gesondheitsberuffer an de Grand Public vun der Direction de la Santé geschéckt ginn. Doriwwer eraus hu sech 5 Expertsvideos, eng "social media story" an eng Rei vun "Facebook lives" mam Thema AstraZeneca ausernee gesat.